LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 18 août 2021

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°4632 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°4632 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°4632 vum 8. Juli 2021 vun den éirewäerten Députéierten Här Jeff Engelen an Här Fred Keup iwwert d'Approbatioun den PAGen**

***1. Wat ass de Grond, firwat ee Gemengenterrain anescht behandelt gëtt wéi dee vun engem Bierger, well de PAG jo per Definitioun integral am Intérêt public opgestallt gëtt?***

Déi béid an der parlamentarescher Ufro viséiert Fäll sinn d'selwecht behandelt ginn, also béid Gemengen kruten ee Courrier, no Gespréicher am Virfeld, fir ze froen ee Vote complémentaire ze huelen. Déi eng Gemeng huet dat refuséiert, déi aner huet ee Vote complémentaire geholl.

Bei der Gemeng déi dat refuséiert huet, huet de Ministère - an dat am Sënn vun der Gemeng – schlussendlech decidéiert eng partiell Approbatioun ze maachen, wat jo dunn och vun der Cour administrative bestätegt gouf. Dës Approche huet, obwuel ofweichend vun der Jurisprudenz zu deem Zäitpunkt, dem Ministère zu deem Moment viru Geriicht begrënnbar erschéngt, ë.a. well et Litige zu just enger Zone war an dat och just tëscht Ministère a Gemeng, ouni dass Drëttparteien involvéiert waren.

Am anere Fall ass de PAG nom Vote complémentaire a senger Gesamtheet approuvéiert ginn.

***2. An engem Uerteel vum 17. September 2019 (Rôle 41567 betr. PAG vun der Gemeng Manternach) ass festgehale ginn, dass "l'article 14 précité de la loi du 19 juillet 2004, lequel ne fait état que d'un seul vote définitif" an ,"qu'une intervention du ministre de l'Environnement après le vote définitif prévu à l'article 14 précité, (..) n'est pas prévue par la loi". Dëst Uerteel widderleet also, datt ee Vote complémentaire, de facto een zweete Vote, an eng Interventioun nom Vote vum Ëmweltminister konform zu der Gesetzgebung ass. Et widderleet domat och déi gemeinsam Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3878: "D'Approche vun engem zousätzlechen zweete Vote ass konform zu der Gesetzgebung." D'Travaux parlementaires confirméieren, datt et sech beim definitive Vote no Artikel 14 ëm ee Vote unique handelt: ,,Procés-verbal de la Commission des Affaires Intérieures, de la Grande-Région et la Police, Articles 8 à 16 et 17bis (modifiant les articles 10 a 18 et 21 de la loi modifiée du 19 juillet 2004): Le nouveau texte tient compte des observations antérieures de la Commission parlementaire. S'agissant de l'enquête publique à faire avant le vote unique du projet d'aménagement par le conseil communal, l'article 8 du projet de loi (article 10 de la loi modifiée du 19 juillet 2004) est amendé dans le sens que le projet d'aménagement, avec tous les documents qui s'y rattachent, est soumis d'abord au conseil communal. Celui-ci en prend acte et donne son accord au collège des bourgmestre et échevins." Firwat huet de MECDD beim PAG Schieren trotzdeem am Februar 2020 intervenéiert?***

Et ass richteg, dass d'Gesetz ee Vote complémentaire nët virgesäit. Et verbitt awer och nët dat ze maachen an, wéi schonns an der QP 3878 beäntwert, ass d'Praxis vun engem Vote complémentaire och vum Geriicht unerkannt ginn. Dëst ass am Sënn vun der Gemeng fir ee Refus vum PAG ze vermeiden. Eng Gemeng ass och nët forcéiert ee Vote complémentaire ze huelen a bleift ëmmer autonom an hirer Decisioun.

Well de Fall vu Schieren aktuell um Tribunal administratif ass an do och d'Fro vum Vote complémentaire een Thema ass, wëll de MECDD dat Uerteel ofwaarden éier een sech weider dozou prononcéiert.